N°7718
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 7. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Den 23. November 2022 huet d'Gesondheetsministesch doriwwer informéiert, dass en Accord matt den Kardiologen vum Groupe cardiologique fonnt ginn ass, dass hier Akktivitéiten am Centre hospitalier du Nord via Konventioun bis Enn Mäerz 2023 assuréiert sinn.

Desweideren huet d'Gesondheetsministesch matgedeelt, dass Neiastellungen lafen géingen an dass an deem Kader Plazen ausgeschriwwen ginn wieren vum Centre hospitalier du Nord.

An deem Zesummenhang wollt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Ass eng Verlängerung vun der Konventioun mat den Kardiologen iwwert den Datum vun Enn Mäerz 2023 virgesinn?

- Sinn mëttlerweil nei Kardiologen am Centre hospitalier du Nord agestallt ginn?
  - Wann jo, wéivill Kardiologen sinn agestallt ginn?
  - Wann dat net den Fall ass, wat fir Konsequenzen huet dëst op den Fonctionnement vun der Kardiologie am Centre hospitalier du Nord?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**